N° 5807
Reçue le 23.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.02.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 22. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

D'Aarbechtsbeschafungsmoossname sinn zënter Joren e wichtegen Outil fir Leit, déi keng Aarbecht fannen, un den Aarbechtsmaart erunzeféieren. Trotzdeem notéiert ee grouss Ënnerscheeder an de Joresmoyennen, esou wéi si vum Statec gefouert ginn. Nodeems d'Zuele vun der aktueller Regierung vir d'éischt no ënne gefuer gi sinn, notéiert ee fir 2021 nees eng Hausse. An deem Kontext hätt ech dës Froen:

1. Wéi vill Sue si vun 2013 bis haut an d'Aarbechtsmoossnamen investéiert ginn?
2. Wéi vill Persoune konnten duerch esou eng Moossnam nees Fouss um 1. Aarbechtsmaart faassen? Wéi vill jonk Leit waren do derbäi, wéi vill Leit iwwer 50 Joer a wéi vill Laangzäitaarbechtsloser?
3. Wéi laang si Persounen am Duerchschnëtt an esou Moossnamen, ier si nees eng Aarbecht fannen?
4. Wat geschitt mat de Leit, déi keng Aarbecht fannen an déi net méi vun enger Moossnam kënne profitéieren?
5. Wéi erkläert sech d'Fluktuatioun vun den Zuele vun der Joresmoyenne, esou wéi de Statec si ausweist?
6. Leit, déi an esou zäitlech limitéierte Mesure sinn, hu kaum eng Chance fir e Prêt bei enger Bank ze kréien oder eng Wunneng ze fannen. Wat gedenkt d'Regierung ze maache fir si aus där Prekaritéit ze huelen, där si ausgesat sinn, obwuel si schaffen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten